



Rapport Referees' Commission - 19.10.2021

Present : Frieden, Frieseisen, Geib, Nesser, Simonelli, Weinzierl, Weber (video)

Entschëllegt : Courtois, Kröpelin

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 31.08.2021.**

2) **Tribunal Fédéral :**

Wann um Tribunal eng Affär beschwat gëtt, wou d'Arbitter betraff sinn, da sollen d'Arbitter och present sinn. Am anere Fall ass et schwéier fir d'Jugen d'Detailer all gewuer ze ginn, an eng sportlech fair a korrekt Decisioun ze huelen.

3) **Arbittercoursen :**

D'RefCom organiséiert e Cour fir nei Arbitter (C-Cours / inférieur) den 11., 12. an 13. Februar 2021. All déi interesséiert Leit sollen sech déi Datumer scho mierken. Umeldunge funktionéieren iwwer de myguichet. Detailer heizou kommen nach no.

D'Weiderbildung fir al déi aner Arbitter sinn :

13. November 2021 / 18. Dezember 2021 / 29. Januar 2022 / 05. März 2022 an 30. Abrëll 2022 – save the dates

Weider ass d'RefCom am Gespréich mat engem IHF-Lecturer. Um FLH-F4 kënnt och een auslänneschen EHF-Delegué op Lëtzebuerg.

4) **SBO/Chrono**

De neie Programm fir SBO/Chrono ass fäerdeg. Formatioune sinn an der Maison des Sports zu Stroossen:

30.10.2021 um 09h30 Sall 4 op Lëtzebuergesch

04.11.2021 um 19h00 Sall 1 op Lëtzebuergesch

06.11.2021 um 09h30 Sall 1 op Franséisch

5) **SBO(DMR) bei EHF Matcher :**

Bei Matcher vun der EHF gëtt och een elektronesche Bou (DMR), änlech wéi eisen, gemaach. Fir hei den Zougang ze kréien, muss een eng kleng Online Formatoun bei der EHF maachen. D'RefCom freet, zemoos déi Clib déi vill europäesch ënnerwee sinn, den een oder aneren Interesséierten ze fannen, fir d'Formatioun vum DMR ze maachen, an esou d'Charge vum Sekretär bei EHF Matcher iwwerhuele kann. Interesséiert Leit sollen sech enner assist@flh.lu mellen.

6) **Gala 75 Joer FLH :**

D'RefCom huet d'Arbitter fir d'Matcher am Kontext vun de 75 Joer FLH festgeluecht.

Luxembourg	Portugal	LINSTER	RAUCHS Alain
Luxembourg	USA	WEBER	WEINQUIN
Germany	Portugal	LINSTER	RAUCHS Alain
Luxembourg	Metz Handball	DE WAHA	KEIFFER Noémie
Luxembourg	All Stars	DICKES	SCHROEDER
Luxembourg	USA	SCHMIDT Eric	VOLZ Jérôme



- 7) **Kontroll vum SBO duerch d'Arbitter : Artikel 25 Code du Handball**
D'RefCom wëll d'Arbitter nach eng Kéier opruffen, nom Match den SBO méi gewëssenhaft ze kontrolléieren, zemoos wat rout a blo Kaarten ugeet.
- Art. 25.**
Après le match, les arbitres sont obligés
- de vérifier les inscriptions suivantes et de compléter le SBO :
- a) Avertissements
 - b) Renvois (2 minutes)
 - c) Disqualifications
 - d) Résultat
- d'y inscrire les remarques qui s'imposent avant l'envoi.*
Pour qu'une remarque écrite ait une suite devant les instances fédérales, l'arbitre ou le délégué officiel de la FLH doit envoyer un rapport écrit au plus tard deux jours après le match à la FLH par courriel, ou par voie postale (le cachet de la poste faisant foi).
- 8) **Austausch RPS a Wien :**
D'RefCom ass a Kontakt mat de verschiddene Federatiounen a probéiert och des Saison divers Austauscher ze realiséieren.
- 9) **Delegué :**
D'RefCom ass nach ëmmer op der Sich no Interesséierter fir Delegué ze ginn. Wann dir Leit kennt, da sollen déi sech w.e.g. bei refcom@flh.lu mellen.

Nächst RefCom Dënschden den 23. November 2021 um 18h30 zu Stroossen